

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Mehlen.

M. Robert Mehlen (ADR).- Här President, ech mengen, d'Affär ass effektiv eescht genuch, fir dass ee seriö driwwer schwätzt.

Déi Saach ass u mech erugedroe gi virun e puer Deeg. Mir hate virun zwee, dräi Deeg Vorstand vum "Fräie Lëtzebuerger Bauereverband". Ech sinn nach ëmmer Éierepresident a Member vun deem Gremium. Do soutzen 20 Bauere beieneen. Ech hunn d'Fro gestallt. Et huet ee vun Aasselbuer - Här Minister, wann Dir den Numm gäre wéisst, da soen ech lech en - mer den Envoi matbruecht. Ech hunn en dräimol gefrot, war d'Kaart an der Broschür, net dass ech iergendeppes Falsches géing soen. Se war dran.

Een anere Bauer aus der Dikrecher Géigend huet mer bestätegt, dass et esou gewiescht wär. Haut huet nach ee vu Lépscht mer um Telefon bestätegt, bei him wär et och esou gewiescht.

Wann Dir mech frot, wéivill et der gewiescht wäeren, da muss ech soen, d'Moyene vun der ADR-Fraktioun si begrenzt fir esou eng Enquête uechtert d'Land duerchzeféieren. Mä wa fir zwou Versammlungen, wou eng zu Äischen an eng zu Mäerzeg war, e Bauer zu Aasselbuer eng Invitatioun an deem Envoi virfënnt, da kann ech mir virstellen, dass déi Saach méi eng grouss Envergure hat.

Ech huelen lech of, Här Minister, dass Der eventuell keng Ahnung hat, mä dann ass déi zweet Fro no "mesures disciplinaires", wann esou eppes an Ärer Verwaltung geschitt, méi wéi berechtigt. Dat kënn Der mer awer fräi gleewen.

Ech soen lech merci.

(Interruptions diverses)

M. Lucien Weiler (CSV).- Gitt eis emol d'Nimm vun deene Leit. Dass mer dat kënne vérifiéieren.

M. Robert Mehlen (ADR).- Op der Enveloppe steet "Ministère de l'Agriculture, Service d'économie rurale". D'Betreibsnummer vum Bauerebetrib steet drop. Et gëtt praktesch nëmmen eng Datei, wou déi Nummmeren dra sinn.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Krecké.

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Här President, ech sinn der Meenung, et soll een dem Minister d'Chance ginn, dat do ze kontrolléieren. Eent steet fest, bis auf Weiteres gleewe mer him, wat en hei seet, dass en näischt dervu weess. Ech mengen, wann et eng Enveloppe ass, déi aus enger Administratioun kënnt, muss dat awer kënne retracéiert ginn. Et ka jo kee Privatmann sinn. Gitt eis einfach déi Explikatiounen.

Ech mengen, e gewëssenen Doute est permis an Dir musst kucken, dass deen Zweifel opgehuewe gëtt.

M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.- Här Mehlen?

M. Robert Mehlen (ADR).- Kee Problem!

M. Fernand Boden, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.- Sot eis, wat fir eng dat waren, an da kënne mer bei deene Bauere selwer kontrolléieren, wéi dat genee war.

Mme Nelly Stein (CSV).- Ma da sot se.

Des voix.- En huet se jo hei!

M. le Président.- Dat brauch en net.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Neen, mir nennen déi Nimm elo net öffentlech hei.

Mme Nelly Stein (CSV).- Et ass ee genannt ginn.

M. Gast Gibéryen (ADR).- Mir hu keen Numm genannt.

M. le Président.- Den Här Mehlen gëtt déi Nimm un de Minister, dass deen dat kann ënnersiche loossen. Et ass jo och méiglech, dass een déi Kaart dra gestach huet oder dass ee gesot huet, ech hunn eng kritt an et ass net wouer. Alles ass méiglech.

M. Lucien Weiler (CSV).- Den Här Krecké huet gesot, den Doute wär permis. Den Doute ass permis an déi zwou Richtungen.

(Interruptions diverses)

M. Jeannot Krecké (LSAP).- Ech hu gesot bis auf Weiteres géing ech dem Minister dat gleewen, wat e gesot huet.

M. le Président.- Dee Punkt ass ofgeschloss. Den Här Ben Fayot huet d'Wuert fir seng Proposition de loi virzedroen.

4. Proposition de loi 4744 de M. Ben Fayot portant création d'une commission d'étude sur les spoliations des Juifs du Grand-Duché de Luxembourg durant l'occupation nazie

Présentation

M. Ben Fayot (LSAP), auteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass eigentlech fir d'zweet wou mer an der Chamber hei iwwert meng Proposition de loi schwätzen, déi virschléit, fir eng Studiekommissioun anzerlichten, fir dat ze klären, wat mat de Bienë vun de jiddesche Matbierger zu Lëtzebuerg am zweete Weltkrich geschitt ass.

Fir d'éischt hu mir doriwwer am Januar 2001 geschwat. Mir haten hei eng Presentatioun an och eng Diskussioun an d'Fraktiounen hate sech deemools in globo zimlech eendeiteg fir déi Proposition ausgeschwat. Ech wëll haut net méi op den Inhalt dovun agoen. Et sinn awer säithier zwee nei Momenter ageutratt.

Den 20. September huet d'Regierung déi Kommissioun agesat an den 9. November huet se eng offiziell Positioun der Chamber zoukomme gelooss. Ech wollt fir d'éischt e puer Wuert kuerz iwwert d'Positioun vun der Regierung soen.

Ech wëll der Regierung ausdrécklech merci soe fir déi *Prise de position*. Dir wäert lech vläicht wonneren, well am Fong geholl d'Regierung seet, si géif d'Proposition de loi oflehen, mä ech muss awer constatéieren, dass an hirer Negativitéit déi Positioun esou vill Positives enthält, dass eigentlech deen Neen e Jo ass.

D'Regierung erënnert drun, dass d'jiddesch Bevölkerung, dat heescht net nëmme Lëtzebuurger Judden, mä och Judde vun enger anerer Nationalitéit, déi hei zu Lëtzebuerg gelieft hunn, vun den Nazië spoliéiert goufen a si gëtt och historesch Daten doriwwer. Et waren 350 jiddesch Betriber a Geschäfte, 1380 Haiser, 155 ha Terrainen, déi konfiskéiert goufe vun den Nazien, fir e Präis vun insgesamt 20 Milliounen Reichsmark. Dat wat doriwwer erausgeet ass natierlech net feststellen, kann awer an där Commission d'étude eventuell constatéiert ginn.

Eng Partie vun deene Spoliatiounen goufen nom Krich opgrond vum Krichschuedgesetz vum Lëtzebuurger Stat guttgemach. Et gëtt och an der Regierungspositioun drun erënnert - wat ech och a menger Proposition gesot hat -, dass eigentlech de Lëtzebuurger Stat am Krich jo net méi bestanen huet an dass hie weder direkt nach indirekt iergendeng Schold un deene Spoliatiounen hat. D'Spoliatiounen vun de Lëtzebuurger Judden, déi ënnert d'Krichschuedgesetz vun 1950 gefall sinn, si wéi fir all Lëtzebuurger Bierger entschiedegt ginn. Allerdéngs muss een drop hiweisen, dass an deem Gesetz kee Kritär vu Persécution raciale enthalte war.

D'Regierung erënnert och drun - dat ass eppes Interessantes, wat ech bis elo net wousst -, dass Fäll vu Spoliatioun, déi u si erugetruede gi sinn, eenzel vun engem *Fonctionnaire-expert* traitéiert goufen. Si huet sech an hirer Positioun dermat d'accord erkläert, fir déi Fro an enger Gesamtetüd studéieren ze loossen an zwar duerch eng Kommissioun, déi beim Statsminister ugesiedelt ass am Kader vun dem *Conseil national de la résistance*, als *Centre de documentation et de recherche sur la deuxième guerre mondiale*.

Dës Positioun vun der Regierung enthält eigentlech alles wat meng Proposition verlaangt huet, inklusiv d'Aussicht op Mëttele fir déi Studie seriö duerchzeféieren.

Dat wat d'Positioun vun der Regierung ugeet. Déi befriedegt mech komplett.

En zweeten neie Moment ass d'Schafung vun där Kommissioun duerch e Regierungsbeschloss vum 20. September 2001. Bekanntlech soll den Historiker an Direkter vum *Conseil national de la résistance*, den Här Paul Dostert, dës Kommissioun presidéieren, wat ech ausdrécklech begreissen, well den Här Dostert en

unerkannte Fachmann vun der Geschicht vum zweete Weltkrich ass.

D'Besetzung vun der Kommissioun ass nach net bekannt, mä ech huelen un, dass se wéi am Ausland op zwee Niveaue wäert schaffen, dat heescht en Niveau, dee méi berodend Funktiounen huet an dann en Niveau vun historescher Aarbecht, also vun Historiker, déi an den Archive schaffen müssen.

Fir ofzeschlëssen: Mir kënnen déi Proposition de loi elo vum Rôle vun der Chamber erfuehlen. Hiren Zweck ass voll a ganz erreecht ginn. Ech hoffen, dass mer op déi Manéier déi wichteg historesch an edukativ Aarbecht erfëlle kënnen, nämlech dass dat schrecklecht Leed, wat onse jiddesche Matbierger am zweete Weltkrich ugedoe gouf, net a Vergiess geréit an dass op éiweg de Rassismus am allgemengen an den Antisemitismus am besonneschen ee fir alle Mol ausgemäert sinn.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Wiseler.

Discussion

M. Claude Wiseler (CSV).- Dir Dammen an Dir Hären, ech si selbstverständlech mat deem d'accord wat den Här Fayot elo gesot huet. Mir hate jo schon am leschte Januar d'Presentatioun vu senger Proposition de loi, an do hunn och déi eenzel Fraktiounen hir Positioun schon erkläert. Dofir wëll ech net méi ze vill drop agoen a just an e puer Wieder vläicht dat widderhuele wat déi Zäit gesot ginn ass.

Éischstens ass et esou, dass et hei selbstverständlech ëm e ganz sensiblen Domän geet, wou et u sech drëm geet dat Onrecht, dat der jüdescher Gemeinschaft déi Zäit ugedoe gouf, deelweis erëm gutt ze maachen.

Et ass awer effektiv och esou, dass déi historesch Situatioun, déi mer hei zu Lëtzebuerg kannt hunn, eng aner ass wéi déi an den Nopeschlänner, duerch de Fait, dass Lëtzebuerg déi Zäit keng Regierung méi hat, wat net de Fall an anere Länner war, esou dass d'juristesch Responsabilitéite vläicht anescht leien oder anescht musse gekuckt ginn.

Mir haten awer schon am Mäerz 1950 e Gesetz, wou d'Méiglechkeet dra war, fir allgemeng Entschiedegunge fir erliddend Onrecht ze ginn, mä dat Gesetz ass, wéi den Här Fayot richteg am Exposé des motifs vu senger Proposition bemierkt huet, e Gesetz mat enger Rei Lücken dran, wat net komplett ass, well et u sech d'Rasseverfolgung net als Ursaach fir Entschiedegungen en tant que tel zréckbehält.

Mir hunn och déi Zäit festgestallt, dass d'Opschaffungs-aarbecht vun der Geschicht, déi schon eng Rei Joren hei zu Lëtzebuerg amgaang ass, déi awer, denken ech, an deene leschte Joren en anere Rhythmus kritt huet an elo méi schnell virugeet, wéi dat nach virun enger Rei Joren de Fall war. Datt déi Vergaangenheitsbewälteung awer

eng Aarbecht ass, déi och zu Lëtzebuerg net ganz einfach ass, mä wou mer awer mengen, datt et wichteg ass, datt se konsequent och an deenen nächste Jore virugefouert gëtt.

An deem Kontext an aus deene Grënn hate mer am Januar gemengt, déi Kommissioun, mat deene Virbiller vun schonn ähnlech Kommissiounen am Ausland, wier eng ganz interessant Initiativ an datt mer géingen do hannendru stoen.

Et waren awer nach e puer Saachen zousätzlech gesot ginn. Dat éischt war, datt, wann esou eng Kommissioun sollt entstoën, et muss eng Kommissioun sinn, déi och Moyenen huet, fir déi Aufgab ze maachen zu där se beruff gëtt, well ouni Moyenen huet dat Ganz net vill Sënn, datt déi Missioun awer net eleng sollt eng Missioun sinn, déi sech just mat de Spoliatiounen beschäftegt, mä vläicht e weëneg doriwwer eraus soll goen. Deen historesche Charakter vun där gesellschaftlecher Aarbecht vum Opschaffen a vum Netvergiessen muss do oder an engem parallelen Organismus sécherlech gemaach ginn.

Schlussendlech war och déi Zäit gemengt ginn - an dat huet sech jo och elo mam Accord vum Här Fayot esou erginn -, datt vläicht de gesetzleche Wee net dee richteg war, mä datt d'Regierung hei sollt kënnen hir Décisioun huelen an d'Méiglechkeet hätt esou eng Kommissioun anzesetzen iwwer e Regierungsbeschloss. Et ass d'ailleurs jo och dat wat d'Regierung virschléit, esou eng Kommissioun beim Statsminister ze maachen. Mat der Missioun, déi iwwert d'Problematik vun der Spoliatioun an de Restitutiounen ewechgeet, gëtt zu engem Deel de Centre de Documentation et de Recherche sur la Deuxième Guerre mondiale chargéiert, an ech denken, datt dat och richteg a wichteg esou ass.

Ech denken, datt déi Proposition hei vun der Regierung, fir dat iwwert deen doten Décisiounswëe ze maachen, eng richteg Décisioun ass. Den Här Fayot ass och domadder d'accord, esou dass mer, mengen ech, an déi do Richtung e gudden Schrëtt konnte weidergoen.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Jean-Paul Ripinger.

M. Jean-Paul Ripinger (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, au risque datt ech Saache widderhuelen, déi meng Virriedner gesot hunn, mengen ech, wier dee Sujet hei awer esou wichteg, besonnesch well e sech situéiert fir eng Wiedergutmachung vun Onrechter, déi eise jüdesche Matbierger am Krich an nom Krich, besonnesch an der Period tëschent 1940 bis 1945, widderfuer sinn.

Mir hunn an där Sëtzung vum 23. Januar vun dësem Joer schonn eng Kéier iwwert déi Proposition de loi hei diskutéiert. Mir haten dat dunn och scho begréisst. Mir

hu gesot, et wier utile an esouguer och interessant, fir esou eng Kommissioun ze kreéieren, déi beim Premierminister ugesiedelt ass an déi dann awer och en Ensembl vun deene Problemer, déi sech am Kader vun de Verfolgungen vun eise jüdesche Matbierger während dem Krich gestallt hunn, soll studéieren.

Ech hat dee Moment och gesot, dass dat eis d'Méiglechkeet géing ginn, fir iwwert déi Kommissioun op villes, wat net opgeschafft ginn ass an den Nokrichsjoren, zréckzekommen an ze verschaffen, besonnesch och fir d'Jugend drop hanzeweisen, wat fir en Onrecht der jüdescher Gemeinschaft, déi Victime si vu Spoliatioun vun hire Gidder, awer och villen anere Leit, déi hei zu Lëtzebuerg waren a sinn, ugedoe ginn ass, esou dass mir dans l'ensemble gesot hunn, mir wiere favorabel fir dës Proposition de loi.

Ech mengen, et misst een awer och an deemselwechte Kontext elo d'Regierung félicitéieren, dass se effektiv dorobber agaangen ass. Mir wousste jo net, esou wéi den Auteur vun der Proposition de loi et gesot huet, dass schonn e Fonctionnaire-expert chargéiert gi war vun der Regierung, fir déi Demanden, déi presentéiert gi sinn, ze traitéieren an och ze élucidéieren. D'Regierung huet deen Objektiv, deen an där Proposition de loi verfolge gëtt, poursuiviéiert, obscho se der Meenung war, dass een net bräicht ze légiféréieren, fir dës Spezialkommissioun anzesetzen.

Am Regierungsrat vum 20. September 2001 huet dann d'Regierung décidéiert, fir déi Commission spéciale eben an d'Liewen ze ruffen, fir d'Etüd vun de Spoliatiounen vun de jüdesche Gidder zu Lëtzebuerg während de Joren 1940-1945 ze examinéieren. Esou wéi dat och gefrot ginn ass, ass déi Kommissioun rattachéiert un de Ministère d'Etat. Si soll dann och studéiere wéi an ënner wat fir enge Konditiounen déi Gidder, souwuel d'Immeublen wéi och d'Objets mobiliers, spoliéiert gi sinn. Déi Kommissioun huet e gewëssene Pouvoir an eng définéiert Missioun, andeem dass se natierlech och kann der Regierung Recommandatiounen maachen. Wat wichteg ass, dat ass, dass d'Regierung där Missioun genuch a genügend Moyene gëtt, fir kënnen ze schaffen an ze operéieren.

Finalemment kann ee soen, dass déi Kommissioun och e Caractère éducatif a wahrscheinlech och esouguer en historesche Charakter huet.

Dee Moment brauche mer déi Proposition de loi elo net ze adoptéieren. Si ass sans objet, huet awer hire But net verfeelt, esou wéi den Auteur dat gesot huet. Mir ralliéieren eis also voll a ganz un d'Proposition vun der Regierung.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Fernand Greisen.

M. Fernand Greisen (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Här Fayot merci

soe fir seng gutt Aarbecht a seng Erklärungen hei. Mir félicitéieren hien an ënnerstëtzen ausdrécklech seng Initiativ, déi hiren Ausdrock fënnt an dëser Proposition iwwert d'Spoliatioun, also dat systematescht Ausplënnere vun eise jüdesche Matbirger während der Besetzung vun eisem Land duerch deen däitschen Nazi-Regim.

Niewent villen anere Gruppen a Personen, sinn et grad déi vu jüdeschem Glaf an Ofstamung, déi ënnert dem däitschen Nazi-Regim ze leiden haten. Si sinn am meeschten zu Schued komm an net nëmme materiell ausgeplënnert ginn.

Eng Konklusioun vum Geriicht bei den Nürnberger Prozesser 1946 iwwert d'Verhale vun den Nazi-Däitschen, déi keng Gefiller vu Schold oder Schimmt gewisen hunn, déi näischt bereit hunn, war: "Den Haass géint d'Jude war grouss, et war Graul, et war Gier op Suen a Gold".

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass also berechtegt, d'Fro klären ze loossen, ob eise Stat alles gemaach huet wat méiglech ass, de Schued ze reparéieren, weinegstens um materielle Gebitt.

De Famillje vun de Victimen Opschloss ze gi wat geschitt ass mat deem Besët, deen ënnert däitscher Besatzung geplënnert gouf a versichen eng ugepassten Äntwert op hir Froen ze fannen, dat ass wichteg.

Och wa keen eisem Stat, deemools an haut, eng direkt Schold kann zouspriechen, esou bedeit esou e Geste dach virun allem eng moralesch Pflicht fir eis all.

En noutwendege Réckbléck an d'Geschicht, eng Unerkennung vun onmënschlechem Leiden a virun allem en Denksteen fir d'Zukunft.

Dat Wichtegst, also d'Wëssen, d'Erënnerung, d'Undenken, hu mir nach aus éischter Hand vu Mamm a Papp matkritt. Ob eis Generatioun dat ëmmer richteg a komplett esou weidergëtt, muss ee sech ëmmer erëm froen. An och wa mir d'Schwieregkeete gesinn, déi esou eng Aufgab mat sech bréngt, menge mir awer, dass dëse geschichtleche Réckbléck mat dat Wichtegst am Virschlag ass.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- D'Wuert huet elo d'Madame Renée Wagener.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG).- Här President, eis Reaktioun op déi Dépêche vun der Regierung zur Proposition de loi vum Här Fayot fällt net grad esou positiv aus wéi déi vu menge Virriedner. Ech erkläre mech.

Mir haten eis, wéi déi Proposition de loi am Januar hei virgestallt ginn ass, positiv dozou ausgeschwat. Mir hate gesot, dass en Nachholbedarf besteet, awer net nëmme wat de materielle Beräich vun der Wiedergutmachung betrëfft, deen den Auteur hei ugeschwat hat, mä dass

et och géif goen ëm dee moralesche Schued, deen an deem Kader entstanden ass vun der Verfolgung vun de Juden duerch den Nazi-Regim an doriwwer eraus och nach dee méi globale Kontext vum Antisemitismus, deen et déi Zäit och zu Lëtzebuerg ginn ass an deen net nëmme vu Säite vum Okkupant koum an deen och haut nach latent present ass.

Dofir hu mir deemools gesot, dass déi Mesure vum Här Fayot "nécessaire, mais insuffisante" wär a mir hunn och fonnt, dass d'Grënnung vun enger Kommissioun, esou wéi den Auteur se virgeschloen huet, misst eiser Meenung no iwwert dat Zil erausgoe vun enger Präifung vun de materiellen Dossiere vun deene jüdesche Biergerinnen a Bierger, deenen hire Besët deemools vum Okkupant entweder enteegent oder pilléiert ginn ass.

Dofir hu mir am Fong no deem ganz interessanten an expliziten Exposé des motifs, deen den Här Fayot do gemaach hat, de Gesetzestext selwer, deen e virgeschloen huet, relativ kuerz a knapp fonnt, wou en am Fong just d'Schafung vun enger Kommissioun proposéiert, ouni zum Beispill iwwert de Wee vun engem Règlement grand-ducal nach méi d'Méiglechkeet vun Detailer ze schafen an och ouni an deem Text selwer Detailer ze ginn iwwer eng eventuell Kompositioun vun där Kommissioun oder iwwert d'Durée vun den Aarbechten. Vläch kann een awer argumentéieren, dass dat jo och éischter d'Aufgab vun der Regierung wär, dass et hei emol drëms gaangen ass, dass iwwerhaupt eng Initiativ geholl ginn ass an déi da géif auslösen - dat ass jo och zum Deel geschitt -, dass d'Regierung géif aktiv ginn.

D'Reaktioun vun der Regierung ass awer nach wäit méi sommaire, wéi mer dat da kënnen an där Dépêche liesen. Si ass, ouni e Gesetz ze maachen, am September schonn aktiv ginn an huet d'Schafung vun enger Kommissioun décidéiert. Ech muss perséinlech soen, dass ech dat keng ganz korrekt Aart a Weis vis-à-vis vum Auteur vun der Proposition fannen. Dat minst wier eigentlech gewiescht, dass se an hirer Dépêche ugekënnegt hätt, dass se géif op dee Wee goen, dat heescht, dass se hir Dépêche eis éischter hätt missen zoukomme loossen an natierlech och dem Auteur vun der Proposition.

Den zweete Punkt ass, dass mer am Fong duerch dee Choix, deen d'Regierung do getraff huet, nach manner gewuer ginn, geschweig da kënnen driwwer matschwätze wéi déi Kommissioun soll ausgesinn, déi do geschaaft gëtt a wéi se soll schaffen.

Den Här Fayot hat a sengem Exposé des motifs deemools unhand vu Beispiller aus aneren europäesche Länner eng ganz Rei vu Froen opgeworf. Här President, ech zielen der hei just e puer op.

Dat eent ass d'Kompositioun vun der Kommissioun, wou zum Beispill an enger Rei vu Länner net nëmme Fonctionnaires, Historiker a Magistraten dra vertruete sinn, mä wou och Vertrieeder vun de Victimen dra sinn.

En anere Punkt ass d'Dauer vun den Aarbechten, déi een eventuell ka festleeën, fir dass déi Kommissioun sech an hiren Aarbechten och en Zäitplang gëtt.

E weidere Punkt wier den Oflaf vun den Aarbechten, wou den Här Fayot jo och déi zwee Niveaue proposéiert huet, deen éischten Niveau vun enger Analys an deen zweeten Niveau dann dee vu spezifischen Examen vun deenen eenzelnen Dossieren, wann Entscheedungsdemanden erakommen.

E weidere Punkt ass d'Problematik vum Zougank zu Archiven, deen eventuell néideg gëtt, den Délai vun der Prescriptioun. Eventuell Interventiounen och vis-à-vis vun Däitschland, wat Entscheedunge betrëfft an dann och d'Sich no pilléierte Konschtwierker, déi am Krich verschwonne sinn.

Eng ganz Rei vun deene Punkte sinn an deem Kader opgeworf ginn an déi brauchen, eiser Meenung no, net all, mä en Deel dervun, eng gesetzlech Basis. Dat ass den zweete Grond, firwat mir d'Démarche vun der Regierung net onbedéngt glécklech fannen oder jiddefalls net genügen.

D'Beispill vun der Belsch, wou fir d'éischt den Arrêté gemaach ginn ass an doropshin deen Arrêté duerch e Gesetz ersat ginn ass, weist, dass d'Problematik awer méi komplex ass, wéi dass een dat einfach iwwer en Arrêté kéint décidieren.

Mir sinn och net onbedéngt averstanen dermat, dass déi Dossieren net sollen au cas par cas gekuckt ginn an dass, an do ass den Text vun der Dépêche net terribel klor, mä dat kann een awer emol esou interprétéieren, ee sech just schéngt wëllen op Etüden a Recherche limitéieren.

Wahrscheinlech wäert sech, an dat ass dann och eis Hoffnung, d'Klärung vun enger ganzer Rei vun deene Punkten, déi ech elo hei ugeschwat hunn, als inévitable erweisen, ob mat oder ouni Gesetz, mä et wär sécherlech méi einfach gewiescht, wann een direkt op deen do Wee gaange wär.

E wichtegt Niewenzil vun där ganzer Démarche, an dat wëll ech nach eng Kéier hei betounen, dat muss, eiser Meenung no, dat sinn, wat den Här Fayot och zitëiert huet aus dem Rapport Matteoli a Frankräich: "Une mission d'histoire, d'éducation et de solidarité." Dofir schéngt mir déi Recommandatioun vum Rapport Matteoli och ganz wichteg, nämlech déi vun enger Fondation pour la mémoire. Ech hoffen, dass déi Kommissioun, déi hei geschafe gëtt, déi do Recommandatioun och wäert eiser Regierung maachen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet den Här Fayot.

M. Ben Fayot (LSAP), auteur.- Här President, eng kuerz Remarque zu deem, wat d'Madame Wagener elo gesot huet.

Villes, wat se gesot huet, deelen ech. Ech wëll just ervirhiewen, dass déi Kommissioun fir mech en Ufank ass. Ech fannen awer an deem Text vun der Regierung vill Unhaltspunkter, fir kënnen ze soen, dass mer an déi richteg Richtung ginn, dat heescht, et solle Recommandatiounen gemaach ginn an an deene Recommandatiounen kënnen vill Saachen kommen, wéi de Rapport Matteoli dat iwwerregens och gewisen huet.

Dass och soll iwwert den Antisemitismus gekuckt ginn, dat schéngt mer aus dem Text erauszegoen, well déi Indikatioun, dass am Krichschesetzungsgesetz vun 1950 de Kritär vun der Persécution raciale net dra war, dat gëtt och am Text vun der Regierung ervirgehiewen. A wéi do nach gesot gëtt: "Un travail de recherche dans cette direction s'avère donc tout aussi adéquat qu'intéressant", gëtt mer och eng gewësse Satisfaktioun.

Ech mengen, an deem wat d'Regierung gesot huet, ouni elo wëllen der Regierung onbedingt allze vill Lorbeeren ze streeën, sinn eng ganz Partie Unhaltspunkten dran, déi mer fir den Abléck Satisfaktioun ginn. Et muss ee gesinn, wéi déi Kommissioun elo fonctionnéiert, wat fir Mëttele se kritt, ier mer weider diskutéieren kënnen. D'Chamber ass jo net definitiv aus deem Ganzen eraus. Mir kënnen de Suivi kucken, wann déi Kommissioun emol e bësse geschafft huet.

Merci.

5. Ordre du jour

M. le Président.- Domat ass dee Punkt ofgeschloss.

Wat eis Aarbechte vun der nächster Woch ubelaangt, schléit d'Präsidentekonferenz vir, dass d'Chamber folgendermoosse siégéiert:

- En Dënschdeg den 11. Dezember um 15 Auer.
- E Mëttwoch den 12. Dezember moies um 9 Auer an nomëttes um 14.30 Auer.
- En Donneschdeg den 13. Dezember och moies um 9 Auer an nomëttes um 14.30 Auer.

En Dënschdeg an e Mëttwoch hu mer d'Budgetsdebatten.

En Donneschdeg de Mueren hu mer eng Orientéierungsdebat iwwert d'Zukunft vun Europa an de Projet de loi 4732 iwwert d'Sanéierung vun de Krankekeesen.

En Donneschdeg de Mëtteg ginn d'Budgetsdebatten zu Enn gefouert, och wann d'Sitzung muss no 18.30 Auer verlängert ginn.

Ass d'Chamber mat där Proposition averstanen?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

D'Sitzung ass opgehiewen.

(Fin de la séance publique à 17.21 heures)